ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

Wéi am Artikel "EU-Kommission will Käfighaltung von Nutztieren beenden", deen den 1. Juli am Tageblatt publizéiert gouf, war ze liesen, datt d'EU-Kommissioun bis 2023 eng legislativ Initiativ wëll presentéieren, déi, déi landwirtschaftlech Käfeghaltung bis 2027 komplett géif verbidden.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär follgend Froe stellen:

1) Wéi steet d'Regierung zu dëser Initiativ?
2) Plangt d'Regierung parallel zu der annoncéierter EU-Etude zu de Follgekäschten, eng entspriechend national Etude, déi sech spezifesch op eis landwirtschaftlech Struktur bezitt? Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung déi betraffe Bauere mat anzebannen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten